# De Veräin wor ganz aktiv am vergaangene Joer

## D'Ouljer Musek huet den Erléis vun der Kollekt vum Chrëschtconcert gespent

**Ouljen.** 93 Memberen an Invitéë waren op der Generalversammlung vun der Ouljer Musek. 39 aktiv Memberen, dorënner aacht Jugendmusikanten, gi gezielt. De Sekretär konnt e gutt gefëllten Aktivitéitsrapport virdroe mat 16 musikaleschen Optrëtter, dorënner dräi Concerte mam Jugendorchester, an als grousse Rendezvous e Gemeinschaftsconcert mat der Menster Musek am Syrkus zu Rued-Sir ënnert der Baguette vum Dirigent Sigi Garson.

Nieft dëse musikaleschen Aktivitéiten hat de Veräin nach weider siwe Manifestatiounen organiséiert souwéi och en Ausfluch.




*1 500 Euro koumen der Hëllefsaktioun vum Parverband Musel a Syr zegutt.*

Den Tresorier Pierre Paulus konnt eng gesond finanziell Situatioun presentéieren, déi och vun de Keesserevisoren Michèle Biel a Luc Girst bestätegt gouf. Folgend Auszeechnunge si vum UGDA-Vertrieder verdeelt ginn: Insigne (5 Joer): Maya Olafsdottir; Médaille de mérite en argent (20 Joer): Jo Scheuren; Médaille de mérite en argent (20 Joer): Ferd Baulesch. Zum Ofschloss vun der Versammlung huet de President Raymond Lepasch den Erléis vun der Kollekt vum Chrëschtconcert, deen d'Ouljer Musek de 16. Dezember an der Kierch gespillt hat, un de Paschtouer Guy Diederich iwwerreecht. De Betrag vu 1 500 Euro geet un d'Hëllefsaktioun vum Parverband Musel a Syr, „Hëllef fir Jugendlecher am Bangladesch“.

*Jean-Paul Kieffer via mywort.lu*